



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Administrativ Reform & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Salariéeën, déi eng Demande fir den Eltercongég (congég parental) wëlle maachen, kënnen dës Demande bei der Zukunftskeess maachen. D'Gesetz vum Congég parental gesäit vir, datt dofir ee Formulaire muss vum Patron mat ënnerschriwwen ginn, fir ze garantéieren, datt de Patron iwwert dës Demande informéiert an averstanen ass.

Am Gesetz selwer stinn awer sos keng méi konkret Ufuerderungen doriwwer, wéi d'Demande opgebaut soll sinn an et gouf am Gesetz och kee Standardformulaire als Annexe beschloss. D'Zukunftskeess offréiert op hirem Site awer esou ee Standardformulaire, deen d'Salariéeë benotze kënnen, fir d'Demande ze maachen. An dësem Formulaire gëtt explizitt nom "Cachet et signature de l'employeur" gefrot.

Et ass mir bekannt, datt et méi heefeg virkënnt, datt Demande refuséiert ginn, wann dëse "Cachet", also de Stempel, op der Demande feelt. Vill Betriber, grad an der "New Economy", hunn awer kee Stempel méi an et gëtt no mengem Rechen och keng legal Obligatioun fir e Betrib, esou ee Stempel ze besetzen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, datt Demande fir de Congég parental refuséiert ginn - respektiv zeréckgeschéckt ginn, well de Stempel vum Employeur feelt, obwuel dësen de Formulaire ënnerschriwwen huet?
2. A wéi ville Fäll ass dat bis elo virkomm?
3. Op wéi enger gesetzlecher Basis baséiert sech d'Demande vun der CAE, datt d'Formular ee Stempel droe muss?
4. Ass de Minister der Meenung, datt am Kader vun enger "simplification administrative" esou Prozeduren iwwerflësseg sinn an, datt et an dësem Fall onnéideg ass, eng Demande wéinst engem net existente Stempel ze verzögeren? Plangt de Minister vun



www.piraten.lu

der administrativer Reform hei Vereinfachungen anzeféieren?

5. Wéi vill Prozedure beim Staat setzen d'Existenz vun engem Stempel bei enger Entreprise viraus? Ginn et Pläng dës ze vereinfachen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

